



1. Ouverture de la séance publique

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Ech maachen heimat d'Sëtzung op, begréissen eis jonk Gäscht do uewe ganz häerzlech a froen d'Regierung: Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Neen, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Dat ass net de Fall.

Da kënnen mer direkt zum éischte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. Et geet ëm de Projet de loi 6792, eng Ofännerung vum Code du Travail, an d'Riedezeit ass nom Modell 1 festgeluecht. D'Wuert huet direkt d'Berichterstatterin Taina Bofferding. Madamm Bofferding, Dir hutt d'Wuert.

2. 6792 - Projet de loi portant modification:

1. des articles L. 126-1, L. 241-1 et L. 426-14 du Code du Travail;

2. de l'article 9 de la loi modifiée du 28 novembre 2006 portant 1. transposition de la directive 2000/43/CE du Conseil du 29 juin 2000 relative à la mise en œuvre du principe de l'égalité de traitement entre les personnes sans distinction de race ou d'origine ethnique; 2. transposition de la directive 2000/78/CE du Conseil du 27 novembre 2000 portant création d'un cadre général en faveur de l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 3. modification du Code du Travail et portant introduction dans le Livre II d'un nouveau Titre V relatif à l'égalité de traitement en matière d'emploi et de travail; 4. modification des articles 454 et 455 du Code pénal; 5. modification de la loi du 12 septembre 2003 relative aux personnes handicapées;

3. de l'article 1^{er} de la loi du 13 mai 2008 relative à l'égalité de traitement entre hommes et femmes;

4. de l'article 1^{ter} de la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État;

5. de l'article 1^{ter} de la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux;

6. de l'article 454 du Code pénal

Rapport de la Commission du Travail, de l'Emploi et de la Sécurité sociale

► **Mme Taina Bofferding** (*LSAP*), *rapporteuse*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären a léif Jonker - et ass flott, emol jonk Gesichter hei an der Chamber ze gesinn, déi sech fir Politik interesséieren, niewent all deenen anere jonke Gesichter, déi hei setzen.

(Hilarité)

Bon, do kommen ech net méi eraus.

(Brouhaha)

Okay, dann zum Projet de loi vun haut. De Projet de loi 6792, dee gesäit haaptsächlech Modifikatiounen am Aarbechtsrecht vir. Déi musse mer maachen, well d'Europäesch Kommissioun Lëtzebuerg virgehäit, dräi Direktiven net vollstänneg ëmgëst ze hunn. Bei der éischter Direktiv handelt et sech ëm eng Refonte vun der Direktiv fir d'Égalité des chances et de traitement tëschent Fra a Mann a Saachen Aarbecht. Déi zweet viséiert d'grenziwwerschreidend Fusioun vu Kapitalgesellschaften. An déi drëtt bezitt sech op d'Protektioun vu Salarieën am Fall vun der Insolvenz vum Employeur.

Bei der éischter Direktiv huet d'Kommissioun Lëtzebuerg reprochéiert, dass de Prinzip vun der Non-Diskriminatioun am Fall vun engem Changement de sexe net genuch unerkannt gëtt. Dës Prezisioun ass an de Considérant vun der Direktiv opgeléicht. Och wann e Land net dozou obligéiert ass, säin nationaalt Recht dëser Prezisioun unzepassen, esou proposéiert d'Regierung awer an dësem spezifische Fall, de Wuertlaut vun deem Considérant an déi national Legislatioun iwwert d'Gläichbehandlung ze

iwwerhuelen. Dës Ergänzung justifiéiert sech aus dem Fait, dass de Changement de sexe net per Gesetz définéiert ass, mä just per Jurisprudenz.

Am Code du Travail, an de Gesetzestext „Diskriminierung“, am Stats- a Gemeindebeamtestatut gëtt an Zukunft eng Diskriminatioun opgrond vun engem Changement de sexe mat enger Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht gläichgestallt. Dat heescht, dass eng Persoun vum Législateur protégéiert gëtt, insofern déi Diskriminierung op der Aarbechtsplaz op hir Geschlechtsëmwendung zrëckzuféieren ass. D'Notioun vun der Geschlechtsëmwendung gëtt an de Code pénal integréiert. Domadder huele mer e weidert Diskriminierungsmotiv an eis Gesetzgebung op.

Den Europäesche Gerichtshaff fir Mänscherechter huet Bedenken, ob e Mänsch Mann oder Fra ass, an dat eleng opgrond vu senger Anatomie. En ass net iwwerzeegt, dass weiderhin d'Geschlecht eleng u biologesche Kritäre festgemaach soll ginn. Esou huet e festgehalten, dass de Grondsatz vun der Gläichbehandlung vu Fraen a Männer net op e Verbuet vun der Diskriminierung opgrond vum natierleche Geschlecht vun enger Persoun beschränkt ka ginn, mä och d'Geschlechtsëmwendung dozou zielt.

Déi Ännerung, déi mer hei wëlle virhuelen, ass wichteg, fir d'Affer besser ze schützen an och fir d'Aarbecht vun Organisatiounen, déi géint Diskriminatioun kämpfen, ze erliichteren. De Centre pour l'égalité de traitement, kuerz CET, féiert a sengem Avis un, dass déi Formulierung vum Changement de sexe ze vill restriktiv wär. Eng Geschlechtsëmwendung géif e medezinneschen Agrëff oder eng Hormontherapie voraussetzen. An et wär deemno net kloer, ob Persounen och domadder gemengt sinn, déi sech net engem Agrëff ënnerzunn hunn, also trans- an intergeschlechtlech Persounen, déi hir Geschlechtsidentitéit eegestänneg an no hirem ënnerlechen Empfangenen definéieren, an net der binärer Geschlechtsnorm entsprechen.

De CET proposéiert, Terminologë wéi „identité de genre“ oder „expression de genre“ ze gebrauchen, well déi méi global wäeren a praktesch jiddwiese couvréieren. Weider argumentéiert de CET, dass eng Geschlechtsëmwendung de Kierper vun enger Persoun verännert, mä awer net hiert Geschlecht. De Kierper géif eigentlech nëmmen dem Geschlecht ugeglaach ginn.

Déi Iwwerleeunge vum Centre pour l'égalité de traitement erschéngen net falsch, allerdéngs sollten déi an engem anere Kader gefouert ginn, well dësse Projet de loi huet zum Zil, déi eenzel Kriticke vun der Kommissioun ze berücksichtigen an déi concernéiert Direktiv richteg ëmzesetzen. Dobäi geet et ëm de Changement de sexe an net méi generell ëm déi sexuell Identitéit.

Dee Sujet ass ouni Zweifel e ganz wichtige, deen awer méi déif gräifend juristesche Aspekter huet, déi onbedéngt misste berücksichtegt ginn. E Projet de loi zur Ofschafung vu geschlechtsgläichenden Operatiounen als Bedéngung fir e Changement vun der offizieller Inskriptioun vum Geschlecht hat de Justizminister ugekënnegt. Entre-temps hunn awer Vertrieederinne vun der CSV-Fraktioun eng Proposition de loi ausgeschafft, fir déi offiziell Prozedur fir Transpersounen ze erliichteren.

Doriwwer eraus gouf an eiser Reunion ervirgestrach, dass d'Problematik ëm d'sexuell Identitéit sollt an engem internationale Kader weider diskutéiert ginn, fir en eenheetleche Schutz an Europa ze erreechen duerch d'Transposition vun der europäescher Legislation an nationaalt Recht.

An eiser Kommissioun gouf sech no Diskussiounen an och der Remarque vum Conseil d'État am finalen Text drop géenegt, dass eng Diskriminatioun opgrond vun engem Changement de sexe mat enger Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht gläichgesat gëtt, dat am Artikel L.241-1 vum Code du Travail, grad wéi am Artikel 9 vum modifizéierte Gesetz vum 28. November 2006.

Doduerch ass de CET dann och an Zukunft fir Diskriminatiounen opgrond vun engem Changement de sexe kompetent. D'Aféierung vun dësem neien Diskriminierungsmotiv erhéicht domadder d'Visibilitéit vun de betroffene Persounen. Si kënnen domadder besser geschützt ginn an och kann d'Politik méi geziilt a preventiv virgoen a Mesuren ergräfen.

Am selwechte Gesetz, grad wéi an den Texter iwwert de Statut vum Stats- respektiv Gemeindegemeinden, an am Artikel 454 vum Code pénal gëtt de Changement de sexe an d'Lëscht vun de verbuedenen Diskriminatiounsgrënn ageschriwwen.

Här President, dës war et emol zur éischter Direktiv.

An där zweeter, déi grenziwwerschreidend Fusioun vu Kapitalgesellschaften erliichtere soll, mussen nodréiglech...

(Brouhaha et intervention de la présidence)

...Ännerungen am Aarbechtsrecht, fir genau ze sinn am Artikel L.426-14, virgeholl ginn, fir am Kader vun enger grenziwwerschreidender Fusioun de Salarieën ausserhalb vu Lëtzebuerg déiselwecht Rechter ze garantéieren wéi deene Salarieën, déi schonns virun der Fusioun hei am Land geschafft hunn, an dat onofhängeg vun der Gréisst vum Betrib. Garantéiert gi sollen zudeem och d'Matbestëmmungsrechter vun engem Salarie, deen déi virdrun am Ausland unerkannt krut.

Bei der drëtter Direktiv zur Bezuelung vum Personal am Fall vun der Zuelungsonfäegkeet vun hirem Employeur ass virgesinn, dat Wuert „failite“ duerch „insolvabilité“ ze ersetzen. Dësen Term ass manner restriktiv.

D'Kommissioun ass och der Meenung, dass d'Aarbechtsgericht net kompetent ass, fir „d'insuffisance de l'actif disponible“ feststellen. Aus deem Grond gouf dat Stéck vum Saz per Amendement gestrach. Den amendéierten Text ass domadder manner streng a méi virdeelhaft wéi den Text vun der Direktiv.

Och couvréiert sinn elo d'Salarieën vun enger Asbl. Déi ginn net méi anescht behandelt wéi déi vun anere Gesellschaftsformen a kënnen deemno och am Fall vun enger Insolvenz vum Fonds pour l'Emploi profitéieren.

Et gëtt an eiser Legislatioun e Problem, fir mat enger Faillite vun enger Asbl, déi jo eigentlech net ka faillite goen, an domadder och de Rechter vun hire Salarieën ëmzegoen. De Fait ass och geschäit an der Froestonn ugeschnidde ginn. Konkret huet sech de Fall beim „Objectif Plein Emploi“ gestallt.

Et ass awer hei drop hinzewiesen, dass, och wann déi Direktiv deemools falsch ëmgëst ginn ass oder net vollstänneg ëmgëst ginn ass, déi concernéiert Leit hei net am Rees stoe gelooss goufen. De Ministère ass de Leit entgéintkomm, well si schonns zu engem Zäitpunkt Chômage ausbezuelt kruten, wou si nach net Recht drop haten. Just gouf de Benefiss vun der Garantie de créance vum Fonds pour l'Emploi refuséiert, well dës mat Gesetz net virgesinn ass. Dat sinn déi zwee bis dräi Méint, wou se hätte kënnen bis zu engem gewësse Plaffong hire Salaire kréien am Fall vun der Faillite, déi jo hei keng richteg dee Moment war, fir déi ausbezuelt ze kréien. Mä vläicht kann de Minister jo herno nach e puer Explikatiounen zu dësem konkrete Fall hei ginn.

D'CSL verweist an hirem Avis op hir Kritik vun enger Kënnegung mat Effet immédiat am Fall vun enger Faillite vum Patron, wou d'Salarieën manner Rechter hu wéi zum Beispill bei enger Entloossung pour motif économique.

D'Salariatskummer erënnert un en Arrêt vum Europäesche Gerichtshaff an enger Affär tëschent der Landsbanki Lëtzebuerg an enger Partie Salarieën, deenen hir Kontrakter duerch d'Liquidatioun gekënnegt goufen. Deen Arrêt stellt de Prinzip a Fro, no deem bei enger Liquidatioun automatesch d'Kontrakter endegen. Deemno sollt Lëtzebuerg seng Gesetzter deementsprechend änneren, fuerdert d'CSL. Si erënnert dann och nach eemol un hir Revendicatioun, dass d'Recht op Chômagegeld fir d'Salarieën deeselwechten Dag wéi d'Faillite ufänke misst.

Och dësse Sujet sprengt de Kader vun dësem Projet de loi, ëm deen et hei geet an deem säi But et ass, déi national Gesetzgebung un d'Direktiv unzepassen. Trotzdeem ass dat och e ganz wichtige Punkt, besonnesch fir déi befallene Leit, déi onfräiwëlleg an eng désagrèabel Situatioun kommen. An dofir soll och deen Aspekt wéi déi aner Doléances vun der CSL deemnächst an engem interministeriellen Aarbechtsgrupp behandelt ginn, fir eng Lösung ze fannen, an dës och am Kontext vum Projet de loi iwwer eng Reform vun de Failliten.

Här President, dës als Explikatioun zum Projet de loi. Weider Detailler sinn a mengem schrëftleche Rapport ze fannen.

Wat déi legislativ Prozedur betrëfft, wëll ech drop hiweisen, dass de Projet de loi den 12. März 2015 vum Aarbechtsminister déposéiert ginn ass. D'Berufskummere ware ganz fläisseg. D'CSL huet hiren Avis schonns zwou Wochen duerno eragin, d'Chambre de Commerce den 2. Abrëll an d'Chambre des Métiers den 22. Juni. De Conseil d'État huet säin Avis de 5. Mee ofginn. Och gouf den Avis vum CET dem parlamentareschen Dossier bäigefüügt, deen och um Site ze fannen ass.

Den 12. Oktober 2015 gouf de Projet de loi vum Minister an der zoustänneger Chamberskommissioun presentéiert an de 16. November gouf ech zur Rapportrice gestëmmt. Zwou Wochen duerno huet d'Kommissioun eng Serie vun Amendementer adoptéiert. An den 11.

Abrëll dës Joer hunn d'Memberen aus der Kommissioun den zweeten Avis vum Conseil d'État duerchgeholl, ier mer dann de 4. Mee de Rapport adoptéiert hunn.

Dës gesot, wëll ech nach gären dem Nadine Entringer aus der LSAP-Fraktioun, dann dem Tania Sonnetti aus der zoustänneger Chamberskommissioun Merci soe fir hir gutt Zesummenaarbecht, ginn domadder dann och direkt den Accord vun der sozialistescher Fraktioun an invitéieren déi aner Fraktiounen, sech deem unzschléissen, a soen lech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och der Madamm Rapportrice. An éischt ageschriwwen Riednerin ass d'Madamm Sylvie Andrich-Duval fir d'CSV.

Discussion générale

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Här President, léif Kolleginnen a Kollegen, et ass sécher ongewinn firlech, fir mech zu engem Projet iwwer Aarbechtsrecht schwätzen ze héieren. Duerfir och schonn direkt e grouse Merci u mäi Fraktiounskolleg Marc Spautz, dee mer spontan seng Plaz iwwerlooss hat fir deen heite Gesetzesprojet,...

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(Interruptions)

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- ...well ech Spriecherin sinn...

► **Une voix**.- Gender-Gedanken!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Voilà! Fir et direkt virewechzehuelen: D'CSV-Fraktioun ass mat deem virleiende Projet de loi d'accord, well e kloer eng Verbesserung fir déi Beschäftegt duerstellt. An et geet jo och drëms, fir ze vermeiden, dass mer zu Bréissel sollen ugesicht ginn.

Eng kleng Klammer heizou. De Statsrot huet ënner anerem bemängelt, dass d'Regierung him Kritikke vun der EU-Kommissioun net zougestallt huet, an an der Kommissioun krute mer och op Réckfro just do mëndlech Erklärungen dozou.

D'Rapportrice, där ech e grouse Merci soe fir en exzellente schrëftlechen a mëndlechen Rapport, huet eis elo grad am Detail den Inhalt virgestallt. Duerfir wëll ech just e puer Kommentarer mengersäits maachen.

„Et ass dréngend, well mer riskéieren, vu Bréissel ugesicht ze ginn“, huet den Här Minister an där Sitzung, an där Kommissiounssitzung, wéi de Projet virgestallt ginn ass, gesot. An dat war den 12. Oktober 2015. Wuelverstane war de Projet awer schonn am März 2015 déposéiert ginn. Et huet och bis den 11. Abrëll 2016 gedauert, ier den Avis complémentaire vum Statsrot vum 19. Januar an der Kommissioun analyséiert gouf, an dat obschonn de Statsrot gréng Luucht ginn huet op alle Punkten.

Am Ufank sollt de Projet awer éischter duerchgebaatscht ginn, esou wéi eng ganz Rei iwwerhaapt vun deene Projeten um Enn vum Joer. Awer et war op eemol net méi esou presséiert.

Ech wëll hei just soen, dass d'CSV der Majoritéit hei fir déi do prozedural..., bon, net grad - wéi soll ech soen? - flëssend Prozedur net grad eng bonne Nott ausstellt.

D'CSV huet konstruktiv matgeschafft, wéi ëmmer. Jiddefalls...

(Interruptions diverses)

...wier et e wesentlechen Avis, an duerfir wëll ech ënnersträichen, léif Kolleginnen a Kollegen, dass e wesentlechen Avis zum Projet, dee vum CET, dem Centre pour l'égalité de traitement, vum 22. Abrëll 2015, net considéiert gi wär, wann d'CSV net drop higewisen hätt. Ganz einfach, well den Aarbechtsminister en ignoréiert huet.

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Eng bonne Nott fir d'CSV.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Jo, Merci, Här Bodry!

► **M. Alex Bodry** (*LSAP*).- Wien hätt dat geduecht?

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Schlussendlech gouf deen Avis och dunn als Document parlementaire publizéiert, mä eréischt de 17. Dezember 2015. Ouni dee wier et dann och net zu engem wesentlechen Amendement an der Kommissioun komm. Ëmsou besser, well d'Amendementer vun der Opposition gi jo net ëmmer wëllkomm ugekuckt a meeschtens hei vun der Majoritéit ofgeblockt.

Et wier gutt, wann am Fall vu Chancëgläichheetsgesetzesprojeten de Service fir Gläichstellung an der Regel géif en Avis gefrot ginn, anstatt dass dës Institutioun sech op eegen Initiativ ëmmer muss saiséieren, eppes, wat dee Service och regelméisseg kritiséiert.



Zur éischter Direktiv 2006/54, déi d'Diskriminatioun tëschent Männer a Fraen an der Aarbechtswelt verbitt, déi sougenannten Gender Recast Directive, do musse mer de Changement de sexe jo elo souwuel am Code du Travail wéi och am Statut vun de Stats- a Gemengebeamten als Diskriminationsmotiv formell bäisetzen an den Netrespekt gëtt strofbar.

D'EU-Kommissioun huet effektiv en neien Diskriminationsgrond an hirer Basisargumentation an de sougenannte Considéranté vun der Direktiv opgefouert.

(Interruption)

Si berëfft sech do op eng Jurisprudenz vum Europäesche Gerichtshaff vum 30. Abrëll '96, wou et ëm d'Entloossung vun enger transsexueller Persoun gaangen ass.

Wat huet déi festgehalten? Dass eng Diskriminatioun opgrond vum Geschlecht sech net géif drop limitéieren, ob een zu deem engen oder anere Geschlecht géif gehéieren, mä och géif zoutreffen op d'Geschlechtsëmwendung vun enger Persoun. Wann also eng Persoun entlooss gëtt, well se d'Intentioun huet, eng Geschlechtsëmwendung ze maachen oder schonn eng matgemaach huet, gëtt se manner gutt behandelt, wéi déi Persoun vun hirem sougenannten „viregten“ Geschlecht.

Bis elo hat d'Regierung jo gemengt, d'Rapportrice huet et gesot, déi Notioun wär schonn implizitt an der jëtzege Diskriminatioun weinst dem Geschlecht mat ofgedeckt, an d'Direktiv freet et jo en plus och selwer net explizitt, mä just eben an deem Considérant.

D'EU-Kommissioun war awer do anerer Meinung, wéi mer elo wëssen.

Ëm wie geet et hei, Här President, léif Kollegeginnen a Kollegen? Ëm e vulnerabele Grupp vu Mënschen! Transgender-Persounen, dat si Persounen, déi sech net deem Geschlecht zougehéiereg spieren, dat hinnen duerch d'Merkmaler vum Kierper bei hirer Gebuert zougeschriwwen ginn ass. Si empfangen déi eege geschlechtlech Identitéit als eng aner a leenen hiert biologesch Geschlecht of, scho vu klengem un.

Ech verweisen och do op eng Gesetzespropos, déi ass schonn haut ervirgehuewen ginn, d'Proposition de loi N°6955, déi ech zesumme mat menger Fraktiounskollegin Françoise Hettgen den 23. Februar dëst Joer déposéiert hunn, dëst als éischte Schrëtt géint eng besteeënd Diskriminatioun an en Tabu, wann dës Persounen hiren Etat civil wellen änneren. Do ass d'Situatioun och vun deene Beträffenen am Detail beschriwwen.

Transpersounen si Persounen, déi eng geschlechtlech Ëmwandlung wëlle maachen, gemaach hunn, Kanner a Jonker, déi fannen, dass si am falsche Kierper liewen. Awer net all Transpersoun wëllt oder kann hiert Geschlecht änneren. Si gesinn also anescht aus, wéi se sech behuelen. An anerersäits ginn et och Intersexpersounen, déi weder Mann nach Fra sinn a mat atypesche Geschlechtsmerkmale op d'Welt kommen. Si ginn dacks net verstanen an hirer eegener Famill, vun hirer Ëmwelt diskriminéiert, hunn am spéidere Liewe vill Problemer, eng Aarbechtsplaz ze fannen, e Logement a sinn Harcèlement an Haass ausgesat.

Haut geet et jo just ëm d'Diskriminatioun op der Aarbechtsplaz. Leider feelee wéi esou oft hei zu Lëtzebuerg Donnéeën iwwert d'Diskriminatiounen insgesamt. De Service fir Gläichbehandlung weist regelméisseg dorop hin. Et gi weénege Plainten a weénege Jurisprudenz. D'Leit, déi zecken, fir eng Plainte ze maachen, an eng Rei Leit hunn och gemellt, de Parquet géif d'Plainté klasséieren. D'Inspection du travail et des mines (ITM) ass souwiesou fir deen Deel, dee si betrëfft, schonn zënter längerem total iwwerfuert, an net nëmmen an deem Beräich! Duerfir, hei muss dréngend Remedur geschafte ginn, Här Minister!

Just e puer international Zuelen. Laut enger däitscher Expertise vun 2010 iwwert d'Benodeelegung vun Transpersounen am Aarbechtswelt ginn 30 bis 40% vun deene Persounen, déi fir e Poste kandidéieren, weinst hirer Transsexualitéit net ueghegoll a 15 bis 30% verléieren dowéinst hir Aarbecht. Si sinn iwwerdurchschnittlech héich dem Chômage ausgesat oder dovunner betrëfft: 50%, par rapport zu 5 bis 10% vun der Gesamtbevölkerung.

Och eng Ëmfro vun 2013 vun der europäescher Agence vun de fundamentale Rechter ergëtt, dass 47% vun den transgeschlechtliche Persounen net offe mat hirer Transsexualitéit ëmgoe géifen an nëmmen 10% vun de betraffene Persounen, déi matgemaach hunn, hunn eng Diskriminatioun bei enger Autoritéit gemellt.

Duerfir begréisst d'CSV, dass dës Persounen elo formell vun de spezifeschen Antidiskriminierungsbestëmmunge profitéieren kënnen an domat déi Diskriminatioun méi Visibilitéit kritt.

Vläicht traue se sech elo éischter, fir sech ze melden. D'Antidiskriminationsorganisme soe jiddefalls, dat géif hinnen d'Aarbecht erliichteren.

A propos hat d'Regierung och vergiess, dem Lëtzebuerger Gläichbehandlungsservice seng elo zousätzlech Missioun am Gesetz ze verankeren. Erëischt duerch deem säin Avis zu deem Gesetzesprojet ass et zu engem Amendement an der Kommissioun komm.

D'CSV huet zu dëser Direktiv och verschidde Froen an der Chamberskommissioun opgeworf an hat sech och am Virfeld eng Meinung gebilt am Kader vun enger Entrevue mam Service vun der Gläichbehandlung an och mat der Lëtzebuerger Associatioun vun Intersex- an Transgender-Persounen.

Geet et duer, d'Diskriminatioun weinst enger Geschlechtsëmwendung just an der Aarbechtswelt ze verbidden? D'CSV huet hannerfrot, ob et net ubruecht wier, dat och an deenen anere Lëtzebuerger Antidiskriminationsgesetzter oder deenen, déi ënnerwee sinn, unzepassen. D'Regierung huet fonnt, dat géif de Kader vum virleiende Gesetzesprojet sprengen. Et stellt awer e Problem duer!

Ech verweisen och do op de Rapport 2009 vun der europäescher Agence vun de fundamentale Rechter. Déi huet e Rapport gemaach iwwert d'Homophobie an d'Diskriminatioun opgrond vun der sexueller Orientéierung an der Geschlechtsidentitéit. Och wann et weder an de Considéranté géif stoen nach explizitt an den Direktiven, misst et de facto applizéiert ginn. Mä dat ass eben net ëmmer de Fall an alle Memberlänner.

Positiv ervirzeisträichen ass, dass d'Direktiv 2004/113, déi de gläichberechtigten Zougang tëschent Mann a Fra zu de Gidder a Services respektiv fir d'Zouliwwerung regelt, déi Transpersounen zwar net an hiren Texter erwänt, mä an der Reunión hei zu Lëtzebuerg vum Rot vun der Europäescher Unión ass deemools explizitt op déi Jurisprudenz vun dem Europäesche Gerichtshaff vu virdru referéiert ginn. Et wier eigentlech wichteg, wann deen Aspekt méi Visibilitéit hätt, aus deene Grënn, déi ech virdru genannt hunn.

Dat gëllt gradesou fir d'Upassung am Beräich vun de komplementäre Pensiounsregimenter, déi och vun der virleiender Direktiv betrëfft sinn, esou wéi de Statsrot et och ervirgehuewen huet. Do soll jo de Minister vun der sozialer Sécherheet, deen deemnächst dat Gesetz do wäert op de Leescht huelen, kucken, ob et ubruecht ass, fir de Volet vum Changement de sexe och do bäizesetzen.

Och wann dës Kommissioun, trotz der Proposition vum Statsrot, dovun ofgesäit, fir e Passus an d'Gesetz iwwert déi legal Sozialsécherheitsregimenter vum 15. Dezember 1986 ze setzen, ginn et awer nach aner Domänen, wou eng Diskriminatioun op deem Gebitt méiglech ass. Ech ginn hei e klengt negativt Beispill aus dem Ausland, wéi een dat Ganzt kann op d'Spëtzt dreiwien. Do ass elo an North Carolina an den USA am Mäerz dëst Joer e Gesetz a Kraaft getrueden, dat virschreift, dass Transgenderpersounen op déi Toilette musse goen, déi hirem Geschlecht, wéi et um Gebuertsschäi steet, entsprécht. - Ech maachen do kee Kommentar dozou.

An domat kommen ech och zum nächste Punkt, deen d'CSV an der Kommissioun opgeworf huet, opgrond vun dem Avis vum Service fir Gläichbehandlung. Geet d'Formulatioun „changement de sexe“ duer? D'Rapportrice huet et och an hirem Rapport zitéiert. Mir hunn d'Direktiv eent zu eent ëmgesat, wat jo och fir eis als CSV an deem Fall an der Rei ass. De Lëtzebuerger Service, mä och d'ILGA-Europe, déi europäesch Regional vun der internationaler Associatioun vun de Beträffenen, werfen zur Ëmsetzung vun dëser Direktiv awer Froen op.

Si weisen drop hin, dass den Term „changement de sexe“ net all Problemer, déi mam Geschlecht vun enger Persoun ze dinn hunn, ofdecke géif. Duerfir proposéieren dës Organisatiounen, éischter vu Geschlechtsidentitéit, Geschlechtsausdrock oder vu Sexualmerkmalen ze schwätzen. Och wann déi virleiend Direktiv net esou wäit geet, fir d'Geschlechtsidentitéit als Diskriminationsmotiv unzëerkennen, ginn et ëmmer méi europäesch Länner, déi explizitt Referenz op Transgenderpersounen maache bei hiren nationale Gesetzter.

Am wäiteste geet do Malta, dat a sengem Gesetz vum 15. Abrëll 2015 eng rechtlech Unerkennung vun der Geschlechtsidentitéit verankert huet. Doriwwer eraus weist de Statsrot awer och drop hin, dass eis belsch Nopere hiert Antidiskriminationsgesetz am Mee 2014, dat den 3. August dat Joer a Kraaft getratt ass, explizitt op Transgenderpersounen ausgeweit hunn. Si haten awer schonn an hirem initiale Gesetz vum 2007 de Changement de sexe als Diskriminationsmotiv festgeschriwwen.

Ech verweisen och nach op eng Inkohärenz an eiser Gesetzgebung, wou mer scho méi wäit an der Formulatioun gaange sinn, an zwar am Gesetz vum 19. Juni 2013 iwwert d'Asylrecht. Do ass eng europäesch Direktiv ëmgesat ginn, wou d'Aspekter vum Geschlecht, d'Geschlechtsidentitéit mat abegraff, fir d'Zougehéieregkeet zu engem soziale Grupp ze definéieren, explizitt als Verfolgungsmotiv unerkannt ginn ass, fir eng international Protektioun unzefroen.

An et ass e weidere Gesetzesprojet um Instanzeweise, de Projet de loi 6758, dee soll déi europäesch Direktiv 2012/29 fir d'Rechter vun den Affäre vu Kriminalitéit ëmsetzen. An hei kéint sech en äänleche Problem stellen.

Ech wollt dem Här Minister dann och nach e puer Froen stellen. Mat wivill Fäll vun Diskriminatiounen weinst dem Geschlecht respektiv Homo- oder Transphobie gouf d'ITM an de leschte Jore befaasst? Wat waren d'Suiten dovun a puncto Enquêtes, Plainten, Prozesser um Aarbechtsgericht oder Zivilaffären? Gëtt zesummegegammelt mam Service fir Gläichbehandlung a mat den Associatiounen, déi sech ëm Mobbing bekëmmere?

Da wollt ech och nach wëssen, firwat keen Avis zum virleiende Gesetzesprojet vun der Statsbeamtechamber gefrot ginn ass, well d'Statsbeamten, déi fale jo och ënnert d'Applikatioun vun deem Gesetz. A wien ass zoustänneg bei der Fonction publique, fir déi Beschwerden do entgéintzehuelen? Wier dat déi staatlech Mobbingkommissioun an esou Fäll? Well vu dass déi staatlech Mobbingkommissioun jo ausser Kraaft gesat gouf no engem Arrêt vun der Cour, wéi a wéini gedenkt d'Regierung dës Problem insgesamt ze léisen? Well déi Kommissioun, déi gëtt dréngend beim Stat gebraucht. Gedenkt d'Regierung d'Aarbechtswelt ze sensibiliséieren op déi Problematik vun den Transpersounen? - Dat waren déi puer Froen zu deem dote Volet.

Här President, léif Kollegeginnen a Kollegen, zum zweete Volet vum virleiende Gesetzesprojet just esou vill, dass d'CSV begréisst, dass d'Participationsrechter vun de Beschäftegten erweidert gi respektiv erhalen bleiwen am Fall vun enger grenzüberschreidender Fusión vu Gesellschaften.

Dann zum drëtten Volet iwwert d'Ophiewe vun där restriktiver Formulatioun vu Faillite an d'Ersetzen duerch Insolabilitéit. Dat erméiglecht jo elo e bessere Schutz vun de Beschäftegten, net nëmme bei enger Faillite vum Betrib, mä och am Fall wou de Patron eng Asbl ass, déi net méi capabel ass, ze bezuelen. Sou kënnen déi Beträffenen dann och elo direkt hir Deklaratiounen fir déi geschëllte Paien an Indemnitéiten bei der Agence fir Entwécklung vun der Aarbecht maachen, der ADEM, an hunn d'Garantie op Hëllef vum Fonds pour l'Emploi.

D'CSV begréisst selbstverständlech, dass et elo méiglech ass, dass déi Leit déi Garantie kréien, an domat wieren dann och elo all Fäll ofgedeckt, an deenen de Patron net méi ka bezuelen. Dee Fall huet sech näamlech gestallt, et ass och elo virdru schonn erwänt ginn, wéi Enn Abrëll 2013 d'Asbl Objectif Plein Emploi, d'OPE, zesummegebrach ass. Ofgesinn dovun, dass, wéi den Här Minister et selwer an der Kommissioun genannt huet, dat en „Trauerspill“ war vun de Responsabele vun der OPE, huet do e juristesche Vide bestanen.

Sou waren déi betraffe Beschäftegt de facto am Préavis, well déi juristesche Liquidatioun, also déi richtig Faillite vun der OPE, erëischt am November datselwecht Joer iwwert d'Bün gaangen ass. D'OPE huet deen ausgehandelte Sozialplang net agehalen, an en attendant kruten d'Leit vum éischte Semester 2013 u Chômage ausbezult. Vun do bis de 16. Februar 2016, also bal dräi Joer duerno, war deene Leit hir Situatioun awer nach ëmmer net geregelt, wat gradesou en Trauerspill ass!

Den Aarbechts- a Beschäftigungsminister huet näamlech am Ufank refuséiert, unzëerkennen, dass de Prinzip vun der Gläichbehandlung vun de Beschäftegten net respektéiert wier, soudass d'Leit 2014 eng Plainte hu misse maachen zu Bréssel, wou dann och schlussendlech bestätegt gouf, dass d'EU-Recht net konform zu Lëtzebuerg hei ëmgesat gouf. Schon zënter Mëtt 2014 huet de Minister deene Beträffenen an Aussicht gestallt, et kéim zu enger Upassung vum Aarbechtsrecht.

Ech weisen och drop hin, dass mäi Fraktiounskolleg Serge Wilmes heizou och schonn eng parlamentaresch Ufro den 2. Juni 2014 gestallt huet, wou en déi juristesche Inkohärenz hannerfrot huet, well déi Ex-OPE-Beschäftegt net konnte vun der Hëllef vum dem Fonds pour l'Emploi profitéieren. Fir de Minister war deene Leit hire Problem domat geléist, well se Chômage kruten. Hien huet awer och deemools bestätegt, dass eist Gesetz ze restriktiv wier, an huet déi Ännerung ugekënnegt, déi mer dann elo schlussendlech haut, zwee Joer duerno, stëmmen.

No engem offene Brëif am Januar 2016 vun Ex-OPE-Ugestallten, wou se sech bekloen, hir Situatioun wär nach ëmmer net gekläert, hu mäi Fraktiounskolleg Marc Spautz an ech den 19. Januar 2016 ugefrot, fir dee Punkt do op den Ordre du jour vun der Aarbechts- a Beschäftigungskommissioun ze setzen, well de Statut vun deene Chômage-Indemnitéiten, déi déi Leit kritt hunn, amplat vun de Garantie vum Beschäftigungsfond, net kloer war.

D'Kommissioun hat sech awer och scho virun enger Rei Méint domat beschäftegt, mä d'Saach war eben nach ëmmer net an der Rei. Mir hunn dann awer mat Satisfaktioun héieren, wéi de Punkt den 11. Abrëll 2016 schlussendlech op den Ordre du jour komm ass, dass d'Ofrechnung vun de Beträffenen ofgeschloss waren an dass si de 16. Februar hir Paie konnten iwwert de Fond ausbezult respektiv ausgelach kréien. Et sinn awer zéng Salariéen, déi méi eng héich Zomm kritt hu wéi déi, déi se iwwert d'Égalité de salaire zegutt haten, an dat musse se jo och zréckbezuelen.

Nach méi erlichtert ware mer ze héieren, dass all Ex-OPE-Ugestallten eng Aarbecht fonnt hunn, op d'mannst wat d'Résidenten ugeet. A mir sinn och frou, dass zum Beispill de Projet „Île aux clowns“, deenen hire Beschäftegte fërmlech d'Laache vergaange war, wéi de Stuerm iwwer hir Insel ausgebrach ass, wéi d'Schëff OPE ënnergaangen ass; mä elo kënnen si dank dem gehäerzten Agräife vu fënneg Organisatiounen nees ville kranke Kanner a Leit, Strummerten a Flüchtlingen d'Laache schenke mat hire rouden Nuesen.

Fazit: D'CSV ass frou, dass dat hei endlech gestëmmt gëtt an huet och den Amendement ënnerstëtzt, deen iwwerens duerch d'Interventioun vun enger anerer Oppositionspartei zustane komm ass, dem Kolleg vun déi Lénk. An et mussen och elo dann déi zwou Konditiounen net cumuléiert ginn, fir dass de Beschäftigungsfond d'Créancé garantéiert, déi vum Zoumaache vum Betrib an déi vun der ongenügender Aktiva.

Dat, wat d'CSV kritiséiert: Et huet vill ze vill laang gedauert, bis de Minister den Dossier gekläert huet. Déi Beträffenen hu sech missen dräi Joer zerklappe fir hir Rechter, an d'ADEM huet och nach aacht laanger Méint gebraucht, fir d'Ofrechnungen opzustellen. Well de Problem war bekannt!

An nach eppes, wat scho méi laang schleeft, an dat huet net nëmmen d'CSV, mä ënner anerem och d'Chambre des Salariés, d'CSL, och ëfters ënnerstrach: D'Reform vum Faillitengesetz muss onbedéngt kommen! Dat ass och scho méi laang bekannt a geet op d'Joer 2012 zréck, wéi mer d'Aarbechtsrecht ofgeännert hunn, fir dass d'Salariéen am Fall vun enger Faillite, dat war déi sougenannte Faillite Socimmo, méi séier vum Patron geschëllte Paie sollten ausbezult kréien.

Den 29. Mäerz 2012 huet déi deemoleg Rapportrice, déi honorabel Madamm Vera Spautz, d'Urteil vum 3. Mäerz 2011 vum Europäesche Gerichtshaff zitéiert, dat eng weider Ëmännerung vum Aarbechtsrecht misst mat sech bréngen. Et ass effektiv esou, dass de Moment d'Rechter vun de Beschäftegten, am Fall wou de Patron Faillite mécht, net déiselwecht si wéi deenen hir, déi aus ekonomesche Grënn entlooss ginn, well hiren Aarbechtsvertrag an deem éischte Fall direkt opgeléist ass. Dat ass awer net zoulässig bei kollektiven Entloossungen, well de Curateur muss fir d'Éischt en Accord aushandele mat de Vertreeder vun de Salariéen, ier eng Entloossung ka stattfannen.

An ech erlabe mer, d'Vera Spautz kuerz ze zitieren: „Den Aarbechts- a Beschäftigungsminister Nicolas Schmit huet an der zoustänneger Chamberskommissioun erkläert, datt en Aarbechtsgrupp a sechs bis aacht Wochen e Gesetzesprojet ausschafft, an deem en déi juristesche Konsequenz vun dëser Jurisprudenz studéiert.“ Enn vum Zitat. Dat war wuelverstanen am Mäerz 2012! Haut si mer den 12. Mee 2016, also bal véier Joer duerno! Dat ass och en Trauerspill!

Den Här Minister huet och elo nees zougesot, dass dat deemnächst an der Reform vum Faillitengesetz géif berücksichtegt ginn. Duerfir wëll ech och da vum Här Minister wëssen, wéini dat Gesetz dann elo kënnt.

An zum Schluss aus Aktualitéitsgrënn eppes, wat net nëmmen en Trauerspill ass, mä e Skandal. Deemools, wéi Objectif Plein Emploi d'Baach erofgaangen ass, ass dat jo net aus heiterem Himmel geschitt. Scho méi laang war gewosst, dass do eng ugespaante finanziell Situatioun war, also duerch deen enorme Waasserkapp, deen d'OPE-Daachorganisatioun op-



gebaut hat, mat 120 Mataarbechter an intrans-parente Finanzierungen. A schonn am Mee 2003 hat den deemolege Minister Fränz Biltgen e Gesetzesprojet, de Projet de loi 5144 abruecht, fir de Sozialinitiativen en ugepasste gesetzlechen a finanzielle Kader ze setzen, deen och dem Aarbechts- a Beschäftigungsmini-stère deementspriechend Kontrollmëigle-keiten zougesteet.

Dee Projet de loi war awer siwe Joer laang um parlamentareschen Instanzewee.

(Interruptions et coups de cloche de la prési-dence)

Et ass jo och festgestallt ginn, dass déi juris-tesch Struktur vun enger Asbl net déi richtig wier fir Beschäftigungsinitiativen. Dat wësse mer. An 2011 an 2012 si jo och Audite ge-maach gi vun alle Beschäftigungsinitiativen: Forum pour l'Emploi, ProActiv an OPE.

Ech wëilt awer och nach gär vum Här Minister wëssen, wivill Suen am Fong déi ganz Auditen iwwerhaupt elo am Gesamte kascht hunn.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Net vill!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Iwwregens war deen Audit vum Forum pour l'Emploi deen, dee bái Wäitem am beschten ofgeschnidden huet a souguer d'Konklusioun gezunn huet, dass déi Leit wa méiglech déi néi-deg Sue sollte kréien, fir hir exzellent Aarbecht weiderzeféieren. Den Här Minister selwer ass och net midd ginn, d'Gestioun vum Forum pour l'Emploi als exemplaresch duerststellen.

Just, wat dee klengen Ennerscheed nach mat deene verschiddenen Auditen ausmécht, an dat ass de Skandal derbái: Dee vum ProActiv gouf den 20. September 2011 publizéiert.

(Interruption)

An domat ass deen deemolege President Ro-bert Weber éffentlech duerch de Knascht gezu ginn an diskreditéiert ginn. An dat kuerz virun de Gemengewahlen, fir déi e kandidéiert huet.

(Brouhaha général et coups de cloche de la présidence)

Déi Responsabel vu ProActiv, dorënner de Ro-bert Weber,...

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kol-leegen, et kritt jiddwereen d'Geleeënheet, fir herno ze reagéieren. Am Moment huet just d'Madamm Andrich d'Wuert.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Merci, Här President. Déi Responsabel vu ProActiv, dorënner de Robert Weber, waren och deemools ugeklot gi wéinst de finanziellen Onregelméissegkeeten. Deen Drock, deen do opgebaut gouf an deen den Här Robert Weber selwer als „Erpressung“ betitelt huet, huet do-zou gefouert, dass en demissionéiert huet. Do-mat war awer och seng gesamt gewerkschaft-lech a politesch Carrière zerstéiert.

Haut wësse mer méi. Éischtens besti souwuel Forum pour l'Emploi a ProActiv nach haut a fonctionnéieren, no gewëssenen Emstrukturéie-rungen, exzellent.

(Interruption)

A wéi d'Press d'lescht Woch gemellt huet, huet d'Gericht elo no fënnef Joer en Non-lieu ge-sprach an de Prozess géint déi Responsabel vu ProActiv huet missen agehallt ginn, wéinst Mangel u Beweiser. An anere Wieder: De Ro-bert Weber huet de Prozess gewonnen. D'Rechnung ass also net ganz opgaangen an déi Saach kritt jo nach vläicht e juristescht No-spill.

Zweetens besteet den OPE guer net méi, och wann deen Audit eréischt zu engem spéideren Zäitpunkt 2012 presentéiert gouf. Dat, wat déi Responsabel do allerdéngs gemaach hunn, war ënner aller Klarinett! Ee Gléck, muss e soen, dass déi lokal Initiativen, d'CiGlen, konnte vun de Gemengen opgefaange ginn!

D'Fro awer un Iech, Här Minister: Hutt Dir jee-mools eng Plainte géint déi dote Persoun ge-maach?

Fazit ass:...

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Ech hunn ni eng Plainte gemaach.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- ...Dat war an ass net nëmmen en Trauerspill, mä och e Skandal, a virun allem e knaschtegt politesch Spill, Här Minister.

► **Plusieurs voix**.- Ooh!

(Protestations)

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- An domat, Här President, Dir Dammen an Dir Hä-ren, ginn ech den Accord vun der CSV-Frak-tioun, fir de Projet hei ze stëmmen. Merci.

(Brouhaha)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här André Bauler fir d'DP.

► **M. André Bauler** (DP).- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass ze begreissen, dass de Code du Travail, de Statsbeamtestatut an de Code pénal den europäeschen Exigen-zen, spréch Direktiven, op deenen dräi Punk-ten, déi vun der Rapportrice, der Kollee-gin Taina Bofferding, presentéiert a kommentéiert goufen, ugepasst ginn.

Ech profitéieren direkt vun der Geleeënheet, fir der Madamm Bofferding fir hiren exhaustive Bericht, dee si op déi gewinnt agréabel a kom-petent Manéier virgedroen huet, ze félicitéie-ren. Ech soen hir och Merci, dass se meng Interventioun vu gëschter iwwert d'Schicksal vun den Asblen an hire Memberen am Fall vu Failliten oder Insolvenzitéit an dësem Kontext ernimmt huet.

(Brouhaha et coups de cloche de la prési-dence)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Kol-leegen, et ass e bësse vill Gegrommels am Sall. Wa wichteg Saachen ze beschwätze sinn, wann ech gelift, mer hu Raimlechkeete genuch. Merci!

► **M. André Bauler** (DP).- Merci, Här Pre-sident. Bei deenen dräi Direktive geet et jo be-kanntlech ëm d'Richtlinn iwwert d'Verschmël-zung vu Kapitalgesellschaften aus verschiddene Memberstaten, ëm d'Gläichbehandlungsricht-linn an ëm d'Richtlinn iwwert de Schutz vu Sa-lariéen, am Fall wou de Patron net méi fäeg ass, seng Fournisseurs a seng oder seng Kre-dithaiser ze bezuelen.

Hei geet et, wéi meng Virriedner scho gesot hunn, ëm punktuell Upassungen, déi drop erauslafen, den eenzelne Salarié besser ze schützen oder seng Rechter am Fall vu Verän-derungen, wéi zum Beispill enger Fusioon oder enger Insolvenzitéit vu sengem Betrib, ze ga-rantéiere beziéungsweis ze verbessern. Domat droe mer och dem geneeë Wuertgebrauch res-pektiv den Ufuerderunge vun de respektiven europäeschen Direktive Rechnung, och a grad am Sënn vu méi Chancégerechtgheet.

An deem Kontext schreift de Centre pour l'éga-lité des chances et de traitement a sengem Avis zu der Thematik vum Changement de sexe oder dem Changement vum Geschlecht Fol-gendes; ech zitieren: «Il est vrai que le fait d'avoir un motif de discrimination cité explici-tement dans une loi fait augmenter la protec-tion des victimes et la sensibilisation par rap-port à cette thématique et peut, en même temps, faire augmenter le taux de signalement de discriminations auprès d'un centre d'égalité de traitement, comme le CET.»

Zurzeit hätte ronn 10% vun de betraffene Per-sonen op eng Diskriminatioun opmierksam gemaach, esou de CET. Ech wëll och drun erënneren, dass den Europäesche Geriichtshaff fonnt huet, dass all Diskriminierung, déi op engem Changement de sexe berout, als eng Discrimination de sexe ugesi gëtt.

Ech wëll op dëser Plaz net weider an den Detail goen, wat d'Ännerung vum Geschlecht u sech ubelaangt, well dat am Kader vun dësem Ge-setzesprojet wierklech ze wäit féiere géif. Mir als Demokratesch Partei wäerten eis Positioun am Rumm vun der Proposition de loi, déi vun der CSV déposéiert gouf, nach eng kéier méi detailléiert erläuteren, eng Positioun, déi dorop baséiert, dass een de betraffene Persounen esou séier an esou einfach wéi méiglech hëllef, ouni awer ze vergiessen, dass eng gewësse Pro-zedur dobái agehale muss ginn.

Zum Schluss vu menge Remarquë wëilt ech dann awer am Numm vun der demokratecher Fraktioun meng Zoustëmmung zu dëse Verbes-serunge ginn a soen Iech Merci fir d'Nolausch-teren.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An domat huet d'Wuert den Här Gérard Anzia.

► **M. Gérard Anzia** (*déi gréng*).- Här Pre-sident, léif Kollee-ginnen a Kollee-gen, de Mët-teg hu mer hei e Projet de loi virleien, deen de Code du Travail an dräi Voleten wäert ofänne-ren: den éischte Volet an Egalité des chances an Egalité des traitements, deen zweete Volet an der Fusion transfrontalière vun de Kapitalge-sellschaften an den drëtten Volet an dem Schutz vun den Aarbechter. Dat sinn dräi Voleten, déi déi gréng Fraktioun hei wäert ënnerstëtzen. Se gëtt domadder och hir Zoustëmmung zu dë-sem Projet de loi.

An ech wollt awer nach eng kéier e spezielle Merci soen un d'Taina Bofferding fir dee voll-stännegen, korrekten, detaillierte mëndlechen a schrëftleche Rapport.

Eng kleng Bemierkung zu dem Volet 1, der Gläichstellung vu Mann a Fra: D'Gläichbehand-lung läit schonn an de Statute vun der grénger Partei niddergeschriwwen. Duerfir ass et ganz normal, dass mer dëse Volet hei natierlech och ënnerstëtzen.

Ech soen Iech Merci.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci och dem Här Anzia. An d'Wuert huet elo den Här Gast Gibéryen.

► **M. Gast Gibéryen** (ADR).- Merci, Här Pre-sident. Léif Kollee-ginnen a Kollee-gen, fir d'Éischt wëll ech der Kollee-gin Taina Bofferding als Rapportrice Merci soe fir dee gudder mënd-lechen, awer och virun allem schrëftleche Rap-port. Ech mengen, no hirer Presentatioun hei vum Projet war am Fong dat Meescht gesot, wat zu dësem Projet ze soen ass, an deem mer am Fong dräi Modifikatiounen un eisem Aar-bechtsrecht virhuelen, dat opgrond vun euro-päeschen Direktiven an enger europäescher Ju-risprudenz.

Wat d'Égalité des chances ubelaangt, mengen ech, ass de Prinzip vun der Non-Diskrimina-tioun vum Changement vum Sex am Fong eng normal Saach fir eis hei am Land ginn. A wann ech den Artikel 11 vun eiser Constitutioun huel-en, deen am Fong seet, dass Mann a Fra gläich virum Gesetz sinn, esou ass dat eng large Inter-pretatioun, mä ech mengen awer, dass et kloer ass, dass jiddwereen, deen hei am Land leeft, ënnert déi Gläichbehandlung fällt. Duerfir ass dat hei och fir mech am Fong net eng Neieg-keet, déi mer hei am d'Gesetz maachen, mä et ass vläicht eng Prezisioun, déi mer an d'Gesetz schreiwen, fir et kloer zum Ausdrock ze brén-gen, wéi mer dat hei zu Lëtzebuerg verstinn.

All Mënsch ass fir eis gläich, egal wéi seng sexuell Orientierung ass. An och wa mer hei vun enger Minoritéit schwätzen, mengen ech, ass et och grad an engem demokratesche Stat un engem Parlament, derfir ze suergen, dass och d'Minoritéiten zu hirem Recht kommen. An an deem Sënn begreisse mir dës Ännerung, genauso wéi déi zweet Ännerung, wat d'grenziwwerschreidend Fusione vu Kapi-talgesellschaften ugeet.

Well mer och ebe wëssen, duerch de Change-ment, dee wirtschaftlech ëmmer méi zur Real-i-téit gëtt, dass ëmmer méi Kapitalgesellschafte grenziwwerschreidend fusionéieren, ass et och wichteg, dass d'Salariéen, déi an deene Betriber schaffen, keng negativ Konsequenzen duerch esou Fusione kréien, mä dass hir Rechter och da grenziwwerschreidend garantéiert ginn.

An an déiselwecht Richtung geet och, mengen ech, wa mer vun dem Schutz vun de Leit schwätzen, hei vun de Salariéen, déi drëtt Än-nerung, wou mer am Fong dat méi restriktiiv Wuert vu Faillite eben duerch d'Insolvenzitéit ersetzen, fir dass domadder d'Leit net brauchen ze waarden, déi jo net duerch hir Schuld an déi Situatioun kommen. Wann e Betrib Faillite mécht, da sinn am Fong déi Leidtragend d'Sa-lariéen, déi an deene Betriber sinn an déi prak-tesch an alle Fäll onschëlleg sinn, dass de Betrib faillite geet, mä si sinn awer déi éischt Leidtra-gend.

An duerfir ass et och wichteg, dass mer als Poli-tik derfir suergen, fir déi Leit esou gutt wéi méiglech ofzesetzen, an och duerfir am Kader vun enger Faillite bis elo och schonn eng Rei vu Prioritéiten haten, mä doduerch, dass et huet missen eng Faillite sinn, e gewëssenen Zäitver-loscht war, deen zum Negativen ausgaangen ass fir déi Leit, well se laang hu misse waarden. Duerfir begreisse mer och déi drëtt Neierung an deem Gesetz.

An ech mengen, wat wichteg ass, et ass och schonn hei vun der Rapportrice gesot ginn, dass ass, dass mer dee Problem léisen, dee mer haten, wéi mer Schwierigkeeten, finanziell Schwierigkeete mat enger Asbl haten. Wa mer dat reng juristescht oder opgrond vu gesetzle-cher Basis geholl hätten, hätten déi Leit dee-mools an engem Vide juridique gehaangen zu hiren Ongonschten. An duerfir, mengen ech, muss ee scho begreissen, dass den Aarbechts-minister deemools eng - wéi soll ech soen? - Lëtzeburger Léisung fonnt huet, wou mer net géint e Gesetz verstoussen, awer eng Léisung fonnt hunn am Interessi vun deene betraffene Leit. An dass mer elo mat dësem Gesetz eis och déi legal Basis ginn, wann esou eppes an der Zukunft nach eng kéier virkënn, dass kann een nëmme begreissen.

Et ass also e Gesetz, wat nëmme Verbesserunge mat sech bréngt, déi mir begreissen, an duerfir och den Accord vun eiser Säit.

► **M. Alex Bodry** (LSAP).- Elo sidd Der erëm méi wäit vun der CSV ewechgeréckelt.

(Interruptions diverses)

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. An d'Wuert huet elo de Marc Baum. Här Baum!

► **M. Marc Baum** (*déi Lénk*).- Här President, dëse Gesetzesprojet hei ëmfaasst dräi Aspekter, déi eigentlech direkt näischt mateneen ze dinn hunn. Et geet also éischtens ëm d'Netdiskrimi-natioun vun Transsexuellen, zweetens d'Matbe-stëmmungsrechter vu Salariéen am Fall vu grenziwwerschreidende Betribsfusiounen an drëttens d'Ausweidung vum Schutz vu Sa-lariéen am Fall vun der Insolvenzitéit vu Betriber.

Gemeinsam hunn dës dräi Gesetzesännerun-gen, dass se allen dräi zréckginn op Recom-mandatiounen vun der EU-Kommissioun. D'Re-gierung huet also hei net selwer d'Initiativ fir e gréissere Schutz vu Salariéen an déi konse-quent Adaptatioun no uewe vu Sozialstandarde geholl, mä huet reaktiv dat ëmgesat, wat d'Kommissioun si gefrot huet!

Et sinn also dräi bescheide fortschrëttlech Ent-wëcklung vum Aarbechtsrecht zu Lëtzebuerg, déi mer begreissen. D'Bescheidenheet oder den niddregen Niveau vun Ambitioun vun dë-sem Projet ass och scho virdu vun der Rappor-trice nach eng kéier betount ginn. A virun allem mierkt een dat am schrëftleche Rapport, wann drop agaange gëtt op d'Recommenda-tiounen oder d'Avis vum zwee betraffenen Or-ganismen, notament dem Centre pour l'éga-lité de traitement op där enger Säit respektiv der Salariatskummer op där anerer Säit. Am éischte Fall betrëfft dat d'Diskriminatioun vun Transgender-Leit, wou den CET sech eng méi breet Definitioun vum Begriff vun der ge-schlechtlecher Identitéit gewënscht hätt.

Déi heiten Adaptatioun beschränkt sech just op de Changement, de Wiessel vum Geschlecht, also op Mënschen, déi no enger Operatioun ee bestëmmt Geschlecht unhuelen, an et ëmfaasst awer net explizit déi Leit, déi aus finanziellen, medezinneschen oder och anere Grënn keng esou Operatioun kënnen duerchféieren oder och wëllen duerchféieren.

Et kann elo argumentéiert ginn, an dat ass jo och deelweis geschitt, dass eis Gesetzler elo schonns Diskriminatioun wéinst sexueller Orientierung oder wéinst dem Geschlecht ausschléissen. Mä wann d'Regierung hei d'Re-commandatioun vun der Kommissioun scho suivéiert an déi entsprechend Gesetzter weider suivéiert, weider preziséiert, da wier et och an dësem Fall begreissenswäert gewiescht, net um hallwe Wee stoen ze bleiven.

Deen zweete grouse Volet vun dësem Gesetz betrëfft de Schutz vun de Salarié bei der In-solvenz vun engem Betrib. Hei geet et am Fong ëm e Fall, deen och schonn an de leschte Jore vill an der Press war an deen och schonn hei zwee-, dräimol ugeschwat ginn ass, de Fall vum OPE, dem Objectif Plein Emploi, deen de facto insolvent war, a wou d'Salariéen awer net ënnert d'Schutzbestëmmunge vun der Faillite gefall sinn. Well den OPE eng Asbl war an net eng kommerziell Gesellschaft, hunn d'Salariéen net op d'Bestëmmunge vum Fonds pour l'Em-ploi kënnen zréckgräifen, dass se zum Beispill e Préavis bezuelt kréien, Congésdeeg ausbezuelte kréien, et cetera.

Den Aarbechtsministère huet hei eng restriktiv an, wéi sech herno erausgestallt huet, finale-ment falsch Interpretatioun vum Gesetz appli-zéiert. Déi Betraffe sinn dergéint virgaangen, an d'EU-Kommissioun huet hinne recht ginn, dass d'Direktiv iwwert d'Insolvenz hei net rich-teg applizéiert gëtt. An och de Minister huet fi-nalement missen agesinn, dass seng Interpre-tatioun vum Ufank net richtig war, well zwee Joer duerno sinn déi Betraffen entschiedegt ginn.

Et war also falsch, deene Leit hir Kontrakter no der Insolvenz, déi vun engem Dag op deen anere kouw, einfach als gekënnegt ze be-truechten a si einfach als Chômeuren anze-stufen, ouni bezuelten, ausbezuelte Préavis, mä mat deementspriechend Chômage, manner Salaire, net ausbezuelte Congésdeeg, et cetera, wat jo spéiderhin nogeholl ginn ass.

Si sinn also net an de Genoss vun den Disposi-tiounen vum Fonds pour l'Emploi kouw, déi bei enger Faillite vun enger kommerzieller Boîte virgesi sinn, wéi dat eigentlech de Fall misst sinn. Duerfir also elo dës gesetzlech Ännerung, dat an Zukunft willkürlech Interpretatiounen ausschléisst.

D'Salariatskummer weist awer zu Recht och nach op en anere Problem hin, nämlech deen, dass d'Salariéen en général bei enger Faillite wesentlech manner gutt protegéiert sinn, wéi am Fall vun engem Licencement collectif, wou d'Personalvertrieeder zumindest e Sozialplang verhandele kënnen. Hei gëtt et och en Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff aus dem Joer 2011 am Fall vun der Faillite vun der Lands-bank, deen zwou lëtzebuergesch Praktike kriti-séiert, nämlech éischtens, dass d'Bestëmmun-



gen iwwert de Licenciement collectif och bei enger Faillite gëlle missten, dat heescht, e Sozialplang mat de Vertieder vum Personal ausgeschafft muss ginn, an zweetens, datt et bei enger Faillite de Curateur oder Liquidateur ass, deem d'Roll vum Patron an deem dote Fall iwwerhuele muss, en vue vun engem Accord mat de Personalvertreider.

D'Salariatskummer huet och nach op eng aner Rëtsch Punkten opmierksam gemaach, an den zoustännege Minister huet och versprach, an engem interministeriellen Aarbechtsgrupp tëschent Aarbechts- a Justizministère deene Froen op de Fong ze goen. Dat begrësse mer! Dat begrësse mer souguer ausdrécklech, besonnesch well et net déi éischte Kiéer ass, datt d'Gewerkschaften dorobber opmierksam maachen, an och well de betreffenden Arrêt vum Gerichtshaff elo schonn entre-temps fënnef Joer zrëckläit.

Här President, deen heite Gesetzestext ass sécherlech kee grouse Worf. Et ass och net seng Ambitioun, well e just op verschidden an zwar ganz drénglech Problemer reagéiert. En huet awer dee Virdeel, datt en nach eng Kiéer daitlech weist, wéi eng aarbechtsrechtlech Chantieren d'Regierung séier misst ugoen.

An deem Sënn ass eise Jo zu deem Text hei als Optrag un d'Regierung gemengt.

Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Domat si mer um Enn vum allgemengen Débat ukomm. An d'Wuert huet elo direkt den Aarbechtsminister, den Här Nicolas Schmit.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Här President, u sech wollt ech ganz einfach mech de Wieder vun der Rapporteuse vun dësem Gesetzesprojet uschlëssen, deem exzellente Rapport, deen eigentlech alles gesot huet. Mä eng nei Geschichtsschreiwung iwwer verschidden Themen, déi obligéiert mech hei, verschidde Saachen awer ze rectificéieren.

► **Une voix**.- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Ech hu mat vill Attentioun der Madamm Andrich an der Kommissioun nogelauschtert souwéi och hei, alles dat, wat se gesot huet iwwert d'Diskriminatioun, iwwert d'Diskriminéierung, iwwert d'Exklusivoun vun deene Leit, vun den Transgender-Leit. An ech begrëssen och all Initiativ, déi dee Problem vun deene Leit gesetzlech regelt. Dat kënne mer net an dësem Gesetz maachen. Dat muss mer an engem richteg Gesetz maachen, dat der spezieller Situatioun vun deene Leit absolutt Rechnung dréit.

Wann ech elo géif polemiséieren, wéi d'Madamm Andrich am Ufank - am Ufank! -, da géif ech soen: Hätte mer déi dräi Direktiven ënner engem CSV-Minister richteg ëmgusat, da bräichte mer se elo net ze rectificéieren!

(Brouhaha)

Dann hätte mer also dee Problem net, dee mer haut hunn! Dat als éischte Punkt. Dann hätte mer näamlech de Problem net gehat, datt mer dat Element net an onsem Gesetz gehat hätten, dann hätte mer de Problem net gehat, dee mer musse korrigéieren iwwert d'Representatioun vun de Salariéen a mir hätte besonnesch de Problem net gehat vun der Insolvabilité, well grad do ass dee gréisste Problem, dee jo dann zu weidere breeden Ausféierunge vun der Madamm Andrich gefouert huet an deen e bëssen eng speziell Geschichtsschreiwung mat sech bréngt.

Ech wëll, wann dat gewënscht ass, nach eemol déi ganz Dossiere vun den Initiatives sociales hei opmaachen. An ech muss soen, d'Waasserkäpp sinn net an zwee Joer gewuess! D'Waasserkäpp sinn iwwer Jore gewuess! An et ass nogekuckt ginn, jorelaang,...

(Interruption par Mme Sylvie Andrich-Duval)

...an zwar net ënner enger Regierung, wou ech Aarbechtsminister war, wou d'Waasserkäpp souwuel bei ProActif wéi och bei OPE gewuess sinn. An et ass näischt geschitt. An et ass dat Gesetz, dat seng Méritten huet, mä awer dat déi Problemer iwwerhaapt net richteg ugeet, wou 2003 déi richteg Problemer vun den Initiativen eigentlech ugaange gi sinn. Dat ass deen éischte Punkt.

Deen zweete Punkt ass: Et kann net jiddweree Jurist sinn, Madamm Andrich! Ech sinn et och net. Mä wann ech iwwer Juristerei schwätzen, dann huelen ech mer de Rutscho vun Affekoten, an Dir hutt jo ganz prominent Affekoten an Ärem Grupp, dann huelen ech mer deen an ech loosse mech beroden, wéi dann d'juristesch Situatioun och ass, notamment am Fall vu ProActif.

Ech hu ganz schnell en absolutten Audit maache gelooss vun deenen dräi groussen Initia-

tiven. An ee President vun enger sëtzt hei, an Dir hutt zu Recht gesot, dat ass déi, wou eigentlech kee Problem war, déi korrekt géréiert war. Déi aner waren net korrekt géréiert. A besonnesch ProActif war absolutt net korrekt géréiert, net nëmmen, well et e Waasserkäpp bei ProActif ginn ass, deen iwwer Joren opgebaut ginn ass, mä well et Écriturë gi sinn, déi absolutt falsch waren!

An du moment, wou deen Auditeur, deen ech an d'Belsch siche gaange sinn an dee relativ bëlleeg war, well an der Belsch sinn d'Präisser vläicht e bëssen anescht wéi hei zu Lëtzebuerg... A firwat sinn ech en, Madamm Andrich, an d'Belsch siche gaangen? Ma ech sinn en an d'Belsch siche gaangen, well hei mir all d'Auditeure gesot hunn: „Dat do ass en Eisen, wat mir net upaken, well mir hunn ons scho bal eemol d'Fanger dru verbrannt!“

Well och ënnert dem Här Biltgen - och ënnert dem Här Biltgen! - gouf et en Audit vu ProActif. An do sinn déi Froe lues an neelech ugeschwat ginn,...

(Interruption)

...vläicht net esou, wéi den Auditeur et gewënscht hätt, mä esou, wéi deen, deen den Audit bestallt hat, et gewënscht huet. An duerfir sinn ech een an d'Belsch siche gaangen, fir sécher ze sinn, datt deen Auditeur net ënner iergendengem Drock kéint stoen.

An dat, wat deen Auditeur bei ProActif erausfonnt huet, dat steet haut an de Bicher vu ProActif. An et ass eng Schold, déi ProActif nach ëmmer géigeniwwer vum Lëtzeburger Stat huet! A wann e Minister, an do beléieren ech lech dann, wann e Minister eng Malversatioun vun ëffentleche Gelder feststellt an engem vu senge Ministèren - an engem vu senge Ministèren -, an dat krut ech jo dokumentéiert vun deem Audit vu ProActif... A keen huet jee géint deen Audit plädéiert!

Ech krut och ni kloer Indikatiounen an der Regierung. An dat do ass jo net geschitt an där Gambia-Regierung! Dat do ass geschitt, wou den Här Juncker President vun der Regierung war!

(Brouhaha)

An och den Här Juncker huet sech dogéint ni opposéiert! Den Här Juncker huet dat also mat gedeckt, wat ech deemools mat ProActif a mat OPE gemaach hunn.

(Brouhaha)

An de Finanzminister, den Här Frieden, huet dat och mat gedeckt! Also, wat mécht e Minister, dee Malversatiounen entdeckt? Dee muss, nom Artikel 23 vum Code d'instruction criminelle, de Parquet mat deem Dossier saiséieren. An dat war net eng Plainte, eng Accusatioun vum Här Weber, absolutt net!

Vum Numm vum Här Weber, an ech loossen lech déi Dokumenter gar zoustellen, geet an deem Schreies an de Parquet iwwerhaapt net rieds. Et ass den Här Weber, dee sech viséiert gefillt huet. Et ass den Här Weber, deen zanter Jore seet, e géif eng Plainte en diffamation géint mech maachen. Dann hätt en dat direkt kënne maachen. Firwat waart e fënnef Joer? E soll se roueg maachen. Ech hunn den Här Weber ni virgefouert a gesot, en hätt sech beräichert, en hätt e Faux en écriture gemaach.

Mä de Parquet huet natierlech gekuckt: Wien ass de Responsabele vu ProActif? Eh ben, de Responsabele vu ProActif, vun der Asbl ProActif, dat war den Här Weber, dee war President dovun. An ech kann lech och do nach aner Detailler driwwer ginn. Duerfir ass eng Enquête judiciaire gemaach ginn, d'Police judiciaire ass ageschalt ginn. An no enger laanger Enquête, fir déi ech jo franchement näischt kann, ass eng Konklusivoun gezu ginn, datt net genuch Elementer do wieren, fir eng Inculpation ze maachen, an duerfir ass en Non-lieu gesprach ginn. Dat huet mam Minister Null ze dinn! Dat ass de Parquet. Dat ass also näischt, wat de Minister als Revanche géint iergendeng Persoun ugestallt hätt.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Ee Wuert awer nach iwwert déi Geschicht mat der Faillite. Ech weess net, wéi laang d'CSV d'Justizministeren hat, wou e Gesetz iwwert d'Faillite gebastelt ginn ass a wou mir jo ëmmer gesot ginn ass, och am Kader vun deenen Dispositiounen, déi hei en cause sinn: „Dat muss am Kader vun enger genereller Reform vun de Faillite geschéien.“ Ben, déi Reform ass während där Zäit net komm! Déi ass elo um Punkt, ze kommen. An an där Reform sinn och déi Elementer dran, déi notamment vun deem engen oder aneren ugeschwat gi sinn.

Et ass also net dës Regierung! Dat ass eng laang Period, wou un engem Projet iwwert d'Reform vun de Faillite gebastelt ginn ass an et ass net zu Konklusivounen komm.

Duerfir, OPE - e lescht Wuert, Här President, ech sinn do perséinlech direkt ugeschwat ginn -, och do ass et eng komesch Geschichtsschreiwung. Éischstens, de Malaise bei OPE, de berühmte Waasserkäpp, d'Suen, déi gefloss sinn ouni vill Kontrollen, dat huet net 2009 ugefaangen, well 2009/2010, do hu mer emol geschwat a gesot: „Wa Sue flëssen, da gëtt geschriwwen, da gi Konventiounen gemaach.“ Dat ass virdrun net onbedéngt geschitt. Do si Sue gefloss a keng Konventiounen geschriwwen ginn, wat iwwregens dozou bäigedroen huet, datt OPE op eemol esou schnell an d'Faillite gefall ass!

Ech kann et net verantweren, enger Asbl Suen ze iwwermëttelen, an dat an Honnertausenden, voire Milliounebeträg - Milliounebeträg! -, ouni kloer Konventiounen mat engem Droit de regard do drop ze maachen. Dat war deen éischte Punkt.

Den zweete Punkt ass deen, datt d'Gemengen, an hei sëtzen eng Rei Représentantë vu Gemengen, déi mam OPE zesummegeschafft hunn - Madamm Andrich, informéiert lech bei deene Gemengepäpp -, déi hunn ee Moment gesot: „Elo geet et duer, mir gi kee Su méi an deen OPE“ - an d'Gemengen hu vill Suen an den OPE ginn -, „well mer kee Retour hu vun deem, wat mir bezuelen.“ An du moment, wou d'Gemenge gesot hunn: „Mir gi kee Su méi an den OPE“, y compris déi Escher Gemeng als Hauptsprecher fir déi Approche, wier et do vun engem Aarbechtsminister responsabel gewiescht, d'Äen zouzemaachen, wéi dat jorelaang geschitt ass, a weider Milliounen an dat Faass ouni Buedem ze schëdden?

Wier dat responsabel gewiescht? Wat hätte mer haut da gesot, wann dat esou geschitt wier?

(Brouhaha)

An duerfir, Madamm, wann ech gelift, wann Der esou Saache sot, informéiert lech, liest Är Dossieren, liest och déi Äntwerten, déi ech Ärem Kolleeg ginn hunn an där Affär.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Nach mäi leschte Punkt, mäi leschte Punkt.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister, ech bieten lech just, lech un d'Chamber ze adresséieren.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo, mäi leschte Punkt. Mäi leschte Punkt ass deen: Wat hu mer mat deene Leit vum OPE gemaach? Mir hunn alleguerten, alleguerten déi Leit geruff a mir hunn en direkt gehollef: a) datt se Sue kritt hunn.

Mä vu datt den Här Biltgen d'Direktiv esou ëmgusat hat, wéi hie gemengt hat, datt se richteg ëmzesetze wier, war eben déi Dispositioun vun der Insolvabilité net an onsem Gesetz. An duerfir konnt ech deene Leit net iwwert d'Garantie de salaire déi Sue ginn. Wier déi Direktiv richteg ëmgusat ginn, dann hätt ech dat gemaach. Ech konnt et awer net maachen, well et net am Gesetz stoung!

Ech hunn déi Leit awer net am Ree stoe gelooss. Ech hu gesot: „Indépendamment vun deem, wat onst Gesetz virgesäit, kréie se da Chômage. Si kréien direkt de Chômage an net eréischt no enger gewësser Period.“ A se hunn de Chômage kritt. D'Leit hu fonnt, si wëilten traitéiert gi wéi all déi aner Salariéen. A si hate recht! A si si bei d'Kommissioun en Avis huele gaangen an d'Kommissioun huet hinne recht ginn. Dat heescht, d'Kommissioun huet confirméiert, datt Lëtzebuerg ënnert dem Här Biltgen, mengem Virgänger, d'Direktiv schlecht ëmgusat hat.

An du hu mer gesot: „Okay, mir applizéieren, ouni d'Gesetz geännert ze hunn, wann d'Kommissioun där Meenung ass, applizéiere mer d'Direktiv, wat och enger europäescher Jurisprudenz entsprécht.“ A mir hunn de Leit d'Garantie de salaire ginn.

Leider, et si Leit, déi hate méi Chômage kritt, wéi se recht op d'Garantie de salaire haten, an duerfir musse se elo puer Sou erëmginn, net all, e puer vun hinnen. An dat ass eben esou. Et kann een net Gagnant sinn op méi Plazen. An dat ass déi richteg Geschicht. An déi Leit, déi meescht Leit, ech mengen, mat zwou oder dräi Ausnamen, hunn haut en Job. An et ass remarquabel och, datt iwwert d'CI GLen déi Aktivitéite weidergefouert ginn.

Mä ech stinn der Chamber iwwer all déi Geschicht gäre Ried an Äntwert. Ech hunn do näischt ze verstopen a besonnesch näischt ze fäerten!

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, ech wollt just eng Fro stellen un den Här Minister.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Wann den Här Minister dat erlaabt?

(Interruption par M. Alex Bodry)

Soss kann ee selbstverständlech, Här Bodry, ëmmer Parole après ministre froen.

(Brouhaha)

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Här President, ech wollt den Här Minister froen, wéini d'Gesetz iwwert d'Beschäftigungsinitiativen an der Chamber gestëmmt ginn ass.

► **Une voix**.- Ah!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Här Minister!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dat Gesetz iwwert d'Beschäftigungsinitiativen ass virun 2009 gestëmmt ginn.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Am Mäerz.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo.

(Interruption par M. Marc Spautz)

Wann d'Chamber sechs Joer gebraucht huet - sechs Joer! -, fir aus engem Projet e Gesetz ze maachen: dat ass der Chamber hir Fräiheet. Et ass dem Minister, deen dofir responsabel ass, seng Fräiheet oder seng Responsabilitéit. Domat hunn ech näischt ze dinn. Éischte Punkt.

Zweete Punkt ass just - Här Spautz, Dir kennt dat Gesetz doudsécher ganz gutt -, ech soen lech just, dat Gesetz hëlleft Null, fir all Zort vun Abusen, déi geschitt sinn, wierklech ze contre-carréieren. Null! Et ass e schéint Gesetz mat ville schéine Sätz. Basta!

► **M. Marc Spautz** (CSV).- Firwat hu mer et da gemaach?

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Madamm Andrich!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Merci, Här President. Ech wollt och nach eppes hannerfroen, wat ech net richteg verstanen hunn aus den Ausféierunge vun dem Här Schmit, well e war elo e bëssen opgereggt.

(Exclamations)

Waren dann net genuch Elementer...

(Brouhaha)

Waren net genuch Elementer am Dossier, fir géint déi Leit, déi Responsabel vum Objectif Plein Emploi gerichtlech virzegoen?

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- ProActif!

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Neen!

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Dir verwiesst do eppes.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Neen, neen, meng Fro ass schonn...

(Interruption)

Neen, dat ass jo kloer.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Dat ass jo gekläert. Dee Prozess ass jo ofgebrach gi géint ProActif.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo, jo.

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Meng Fro war déi, ob net genuch Elementer am Dossier ware beim Objectif Plein Emploi.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo, fir et bei de Parquet ze ginn?

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV).- Jo.

► **M. Nicolas Schmit**, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire*.- Jo. Do waren, an Dir musst deen Audit noliessen iwwert den OPE, deen e ganz kriteschen Audit ass iwwert d'Manéier, wéi effektiv den OPE géréiert gëtt oder ginn ass. Mä dat, wat kloer ass, dat ass, datt déi Suen, déi se kritt hunn, hu se zwar vläicht net optimal géréiert, mä et ware keng Tentativen do de malversation.

Dat ass am Audit vum ProActif net de Fall. Dat ass do net de Fall. Do ass ganz kloer gesot, datt mat Trücken, mat Trickseriei probéiert ginn ass, vum Stat méi Suen ze kréien, wéi der eigentlech geschëllt waren. Dat steet schwaarz op wäiss an deem Audit, dee jo och hei de President vum „Forum“ gutt kennt. An dat steet



dran. An dat huet mech dozou bruecht, deen Dossier bei de Parquet ze ginn.

An datt ech wierklech jo näischt géint de ProActiv en tant que tel hat - Dir hutt selwer de Beweis erbruecht -, dat ass, datt et de ProActiv nach ëmmer gëtt. Firwat gëtt et de ProActiv? Mä well do eng Équipe sech un d'Aarbecht gemaach huet - fir et elo emol ganz héiflech ze soen -, fir ze botzen. Dir wësst, wat ech elo geduecht hunn, wat ech net wollt soen. Do ass gebotzt ginn an duerfir gëtt et de ProActiv.

A firwat gëtt et den OPE net? Well mer do Leit haten, déi net bereet waren, déi Restrukturatiounen ze maachen, datt dem Bierger seng Suen, schlussendlech dem Steierzueler seng Suen, géife sënnavoll utiliséiert ginn.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Här Baum, wat ass den Objet?

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Ech géif och gär also eng Explikatioun nach vum Här Minister hunn, an zwar wat...

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Eigentlech ass d'Diskussioun eriwwer.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Jo, ech hätt him d'Fro och kënne virdru stellen, mä et ass jo eng gewësse Kulanz elo hei.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Also do froen ech den Här Minister: Sidd Der esou kulant?

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ech si ganz kulant. Dat wësst Der, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Da fuert emol duer, Här Baum!

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Ganz kulant sinn ech.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Da soen ech dem Här Minister Merci fir seng Kulanz. An zwar d'Fro ass déi hei: Wat d'Salariée vum OPE ugeet an d'Suitten duerno, wann dat alles esou ass, wéi Dir et duergestallt hutt, firwat ass et da méiglech, datt Joren duerno d'Leit Sue restituéiert kréien? Dat heescht, net déi Fro, déi Dir eigentlech elo an de Mëttelepunkt gestallt hutt, datt si musse Suen un d'ADEM zrëckginn, mä datt si nodréiglech Sue restituéiert kréien.

► **M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.** - Majo, dat ass ganz einfach ze beäntweren. Vu datt mer jo elo de normale System vun der Garantie de salaire applizéieren, hänkt et vum Curateur of - an et gëtt also och bei där Asbl e Curateur, deen d'Liquidatioun vun där Asbl muss virhuelen -, bis deen all seng Ofschlëss a senge Berechnunge gemaach huet. An eréischt, wann deen den Ofschloss gemaach huet, weess d'ADEM, wou se mat deem engen oder mat deem aneren drun ass. Do si mer an engem normale Fall vun de Faillitten.

A firwat hunn ech deemools, wat jo och mentionéiert ginn ass vun der Madamm Andrich, d'Gesetz llicht geännert am Code du Travail iwwert d'Faillitten? Fir d'Leit net jorelaang drop waarden ze loossen, bis se zu hire Rechter géife kommen. Déi Annerung hu mer 2011 oder 2012 no der berüümter Socimmo-Faillite gemaach.

Mä hei huet missen du opgerechent ginn: Wat hunn déi Leit zegutt gehat en termes vun der Garantie de salaire a wat hunn déi Leit kritt als Chômage? Wann also d'Garantie de salaire méi héich war wéi de Chômage, kréie se Suen nach weider erëm vun der ADEM.

A wann de Chômage, wat bei e puer de Fall war - well OPE huet jo säfteg Gehälter bezuelt, dat wësse mer, besonnesch d'Spëtzt huet sech relativ säfteg Gehälter bezuelt -, da mussen déi Suen erëmbezuelt ginn. Dat ass also en normale Phenomeen an do huet misse gewaart ginn, bis de Curateur déi Ofschlëss gemaach hat an der ADEM déi transmettéiert hat.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mer ginn iwwer zum Vott iwwert de Projet 6792.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6792 et dispense du second vote constitutionnel

Kolleegeinnen a Kolleege, d'Ofstëmmung fänkt elo direkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. D'Ofstëmmung ass elo eriwwer an de Projet ass mat 60 Stëmmen, also unanime ugeholl.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes

Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps (par M. André Bauler), Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

An ech froen d'Chamber dann nach, ob se bereet ass, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn.

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir ginn zum nächste Projet oder zu der nächster Serie vu Projeten iwwer. Dat sinn d'Projeten 6755, 6768,...

(Brouhaha)

Wann ech gelift!

(Brouhaha et coups de cloche de la présidence)

Här Minister, d'Diskussioun ass eriwwer!

(Hilarité)

6793, 6800, 6806, 6816. An der Presidentekonferenz ass proposéiert ginn an d'Chamber huet dat matdécidéiert, dass mer déi Projete mat engem Rapport wäerte virstellen an dass déi Projeten och da gemeinsam diskutéiert a selbstverständlech separat ofgestëmmt ginn. An d'Wuert huet elo direkt d'Madamm Tess Burton, d'Berichterstatterin, déi net nëmmen zéng Minutten zur Verfügung huet, mä déi Zäit zur Verfügung huet, déi se brauch, fir déi sechs Projeten ze presentéieren. Ech kann lech berouegen, et sinn net sechs Mol zéng Minutten.

Madamm Burton, Dir hutt d'Wuert.

3. 6755 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché des équipements sous pression,

6768 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché du matériel électrique destiné à être employé dans certaines limites de tension,

6793 - Projet de loi concernant la compatibilité électromagnétique,

6800 - Projet de loi concernant les ascenseurs et les composants de sécurité pour ascenseurs et modifiant la loi modifiée du 15 décembre 2010 relative à la sécurité des jouets,

6806 - Projet de loi concernant la mise à disposition sur le marché d'articles pyrotechniques

et

6816 - Projet de loi portant création d'un système de traçabilité des articles pyrotechniques

Rapports de la Commission de l'Économie

► **Mme Tess Burton (LSAP), rapportrice.** - Merci. Gutt. Här President, léif Kolleegeinnen a Kolleege, wéi grad gesot, war an der Conférence des Présidents festgehale ginn, dass déi sechs Projeten zesumme géife geholl ginn an déi kommen eben och elo a menger Ried alleguer mateneen.

All dës Projet-de-loien hunn als Zil, Direktiven ëmzesetzen. Dat heescht, déi Direktive sinn Deel vun engem ganze Pak vun EU-Direktive vun der Kommissioun, déi als But hunn, Regeln a Praktike betreffend d'Kommerzialisatioun an d'Sécherheetsmoosname vu bestëmmte Produite besser ze regelen. Mat dësen Direktive gi verschidde Gesetzer an de jeeweilegen EU-Memberlänner harmoniséiert.

An all deene Projet-de-loien ginn och d'Obligatiounen an d'Responsabilitéite vun deene concernéierten Akteure wéi d'Produzenten, d'Importateuren an d'Distributeuren definéiert. Och gëtt an deene verschidde Projet-de-loie fest-

gehalen, dass den ILNAS fir de Contrôle vun de jeeweilege Beräicher zoustänneg ass. Den ILNAS ass eisen Institut luxembourgeois de la normalisation, de l'accréditation, de la sécurité et qualité des produits et services.

Duerch déi nei EU-Bestëmmunge gëtt elo vill, wat fréier iwwer Règlements grand-ducaux geregelt war, an neie Gesetzer iwwerschaaft. D'Avis vum deene sechs Projet-de-loie vum Statsrot an de Beruffskummere sinn all quasi identesch, well et sech ëmmer ëm eng äänlech Matière handelt.

Ech huelen elo all Projet de loi duerch, fir lech kuerz den Inhalt vun deene jeeweilege Gesetzestexter ze erklären.

Ech fänken u mam Projet de loi 6755, deen d'Dispositiounen vun den Drockéquipementen regelt. Dat kënnen zum Beispill Gasfläschchen oder Feierläschchen sinn. Aktuell ass dës Matière am Règlement grand-ducal vum 21. Januar 2000 regléiert, deen elo duerch dat neit Gesetz ausser Kraaft tritt. De Gesetzesprojet 6755 ass de 5. Dezember 2014 vum Wirtschaftsminister Etienne Schneider an der Chamber déposéiert ginn. Et koumen d'Avis vum der Chambre de Commerce an der Handwierkerkummer eran an natierlech och den Avis vum Statsrot.

Konkret gesäit dës Gesetzgebung vir, d'Konzeptioun, d'Fabrikatioun an d'Evaluatioun vun der Konformitéit vu bestëmmten Drockéquipementen, déi ënner bestëmmte Viraussetzunge benotzt ginn, ze iwwerpräiwen. Des Weideren definéiert dës Projet de loi och d'Obligatiounen an d'Responsabilitéite vun de Fabrikanten, den Importateuren an den Distributeuren, gradesou wéi d'Missioun vum OLAS betreffend d'Drockéquipementen hei an dësem Gesetzesprojet determinéiert ginn. Den OLAS ass den Organisme national (veullez lire: Luxembourg) d'Accréditation et de Surveillance, deen en Departement vum ILNAS ass.

Komme mer zum Projet de loi mat der Nummer 6768, deen de 16. Januar 2015 an der Chamber déposéiert ginn ass! Zu dësem Projet de loi huet d'Chambre de Commerce de 16. Juni 2015 an d'Handwierkerkummer den 12. Januar 2016 hiren Avis ofginn. De Statsrot huet dräi Avisen zu dësem Projet ofginn.

Dës Projet de loi huet och als Zil, eng Direktiv ëmzesetzen. An där Direktiv geet et ëm d'Harmoniséierung vun deene verschiddene Gesetzer an deene jeeweilegen EU-Memberlänner, wat dat elektrescht Material ubelaangt. Den Inhalt vun dëser Direktiv ass aktuell am besteende Règlement grand-ducal vum 27. August 1976 festgehale. Et soll EU-wäit festgeschriwwen ginn, wat fir eng Volt-Limitatioun bestinn, fir esou deene verschiddene Spannungsgrenzen um Maart Rechnung ze droen.

Wann d'Produzenten elektrescht Material, wat an der EU produzéiert gouf oder neit oder aalt elektrescht Material, wat an d'EU importéiert gëtt, verkafen, da musse si verschidde Richtlinne respektéieren, déi hei an deem Gesetzesprojet definéiert sinn. Méi prezis geet et hei ëm elektrescht Material, wat eng nominal Spannung tëscht 50 an 1.000 Volt betreffend de Wiesselstrom a 75 bis 1.500 Volt fir Gläichstrom huet.

Mat dësem Gesetz wëllt ee garantéieren, dass dat elektrescht Material héije Sécherheetsstandarden entsprécht, dat am Sënn vun der Sécherheet fir d'Leit an och fir d'Déieren an dat Ganzt am Aklang mat engem gutt funktionnéierenden EU-Bannemarché.

Den nächste Projet de loi ass de 6793. Hei geet et ëm d'elektromagnétesch Kompatibilitéit. Dës Projet gouf de 16. Mäerz 2016 déposéiert a soll, wéi déi aner och, eng EU-Direktiv ëmsetzen. Et versteet een ënner elektromagnétescher Kompatibilitéit d'Fäegkeet vu Geräter, esou ze funktionnéieren, dass se aner Geräter net stéieren. Et geet hei haaptsächlech ëm Radiokommunikatiounsapparater.

Aktuell ass d'Matière, déi d'Compatibilité électromagnétique ubelaangt, iwwert d'Gesetz vum 25. Mäerz 2009 regléiert. Dës Gesetz géif mat deem neie Projet de loi ganz ofgeschaaft ginn. An och hei ginn de concernéierten Akteure wéi de Produzenten, den Importateuren an den Distributeuren Obligatiounen a Responsabilitéiten iwwerdroen.

Dann, am Gesetzesprojet 6800 geet et ëm Lifter a Bauelementer respektiv Baukomponenten, also Bestanddeeler vu Lifter.

Hei nach eng kuerz Klammer: Mat dësem Projet de loi gëtt näamlech och d'Gesetz vum 15. Dezember 2010 iwwert d'Sécherheet vun de Spillsaache geännert, fir esou eng Rei Erreurs matérielles an deem Gesetz ze verbesseren.

De Projet de loi 6800 gouf den 31. Mäerz 2015 an der Chamber déposéiert. E wäert déi besteeënd Reglementer betreffend Lifter ausser Kraaft setzen a se duerch en eenheetleche Gesetzestext ersetzen. Betraff sinn all Aarte vu Lifter a Bestanddeeler vu Lifter, déi Mënschen a

Géigestänn transportéieren. Dës Direktiv, déi ëmgesat soll ginn, soll garantéieren, dass d'Lifter an och d'Bestanddeeler vun de Lifter konform sinn an esou d'Sécherheet vun de Leit an engem Lift garantéiert gëtt.

Zum Schluss nach zu deenen zwee leschte Gesetzestexter, déi direkt mateneen zesummenhängen. Hei geet et ëm pyrotechnesch Artikelchen, wéi zum Beispill ëm Freedefeier. An de Projet-de-loien 6806 an 6816 geet et ëm d'Bereetstellung vu pyrotechnesche Produiten op eise Marché an ëm hir Traçabilitéit.

De Projet de loi 6806 iwwert d'Bereetstellung vu pyrotechnesche Produite gouf de 27. Abrëll 2015 déposéiert an de Projet 6816 iwwert d'Traçabilitéit vu pyrotechnesche Produite gouf den 12. Mee 2015 déposéiert.

Wat de Projet de loi 6806 ubelaangt, sou setzt dës Gesetzestext d'Ramebedingunge vu pyrotechnesche Produiten, déi um Marché verkaaft ginn. Hei gëtt déi fräi Zirkulatioun um Bannemaart assuréiert. D'Regele fir d'Sécherheet vun der Gesondheet, fir déi ëffentlech Sécherheet, fir d'Konsumentesécherheet a fir d'Protektioun vun der Ëmwelt ginn hei och festgehale. An och mussen d'pyrotechnesch Produkter vum Fabrikant a gewësse Kategorië klasséiert ginn, dës am Hibleck op hire Risikoniveau, hir Lautstäerkt, hir Destinatioun an hire Gebrauchszweck.

Dës gesot, kommen ech dann zum Inhalt vum Projet de loi 6816, wou et d'Zil ass, eng Traçabilitéit vu pyrotechneschen Artikelchen vum Produzent mat där ganzer Liwwerketten ze erstellen. Dat heescht, et soll noverfollegt kënne ginn, wou dës Artikelchen hierkommen a wou se higeliwwert ginn. Dës Traçabilitéit soll vun der zoustänneger Instanz, dem ILNAS, deen de Contrôle ka maachen, iwwerpréift kënne ginn.

Déi pyrotechnesch Artikelchen wäerten och eng Etikett kréie mat enger registréierter Nummer. Dës Nummer enthält dräi Informatiounen: Éischtens kritt den Artikel eng Identifikatiounsnummer vun der zoustänneger Instanz, déi fir de Contrôle zoustänneg ass, nodeems iwwerpréift ginn ass, dass den Artikel konform ass. Zweetens gëtt eng Kategorie fir den Artikel festgeluecht an drëtzens kritt den Artikel och nach eng Bearbechtungsnummer vun deem zoustänneger Kontrollorgan.

Des Weidere gesäit dës Gesetz och eng Rei Obligatiounen fir d'Kontrollorgan, d'Fabrikanten an d'Importateure vir. Dat heescht, d'Kontrollorganer mussen näamlech iwwerpräiwen, ob dës pyrotechnesch Artikelchen konform sinn an um Marché zougeloooss sinn. Déi zougelooossen Artikelchen stinn an engem Regëster, dee sech op d'Gesetz 6806 iwwert d'Bereetstellung vu pyrotechnesche Produkte bezitt. An deem Regëster vun deene pyrotechneschen Artikelchen mussen eng Rei Informatiounen iwwert dës Artikelchen stoen, wéi zum Beispill déi registréiert Nummer vum Artikel. Den Datum, weini den Attest vun der Konformitéit ausgestallt gouf, de Fabrikant, den Typ vum Produit an all weider Informatiounen, déi et iwwert den Artikel gëtt, sollen an deem Regëster vun de pyrotechneschen Artikelchen stoen.

Dës Informatiounen an deem Regëster mussen op d'mannst zéng Joer gehale ginn. Och muss dës Regëster vun den zoustänneger Kontrollorganer regelméisseg à jour gesat ginn an och public sinn an zu jidder Zäit um Internet ze konsultéiere sinn.

Mä net nëmmen d'Kontrollorganer, och d'Fabrikanten an d'Importateure vun de pyrotechneschen Artikelchen kréie mat dësem Gesetz Obligatiounen. De Fabrikant respektiv den Importateur muss eng Lëscht féiere mat all de registréierten Nummere vun deenen Artikelchen, déi hie produzéiert oder importéiert. Dës Lëscht muss hien EU-wäit all deenen zoustänneger Kontrollorganer matdeelen. A wann hie seng Produktioun oder Importatioun astellt, muss hien dës Lëscht bei all den zoustänneger Kontrollorganer och erëm ofginn.

Dat gesot zum Inhalt vun deenen eenzelne Projet-de-loien, géif ech elo nach kuerz op d'Avis vum Statsrot agoen.

Här President, vu dass d'Avis vum de jeeweilege Projet-de-loie relativ d'selwecht sinn, stellen ech lech elo déi Haaptelementer vun dësen Avisen vir:

De Statsrot kritiséiert bal ëmmer d'Netanhale vun der Hiérarchie des normes, dat heescht, dass am Gesetzesprojet op Dispositiounen verwisen gëtt, déi a Règlement-grand-ducal festgehale sinn. Och mécht de Statsrot drop opmierksam, dass een Abschnitt iwwer eng Verpflichtung vum ILNAS vun de jeeweilegen Direktiven net transposéiert gouf. An de Statsrot huet och a sengen Avisen kritiséiert, dass déi englesch Sprooch zwëschen dem ILNAS an deene concernéierten Akteure genotzt ka ginn.

A hirer Lettre d'amendements huet d'Wirtschaftskommissioun bei deem feelende Para-